


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

11/2011

Virwuert

## Léif Frënn vum Comité Alstad,



Ech hoffen, Dir sidd gutt duerch de Wanter komm. Mee Gott sei Dank, elo ass endlech Fréijoer. Fréijoer heescht och Ouschteren an natiirlech déi 184. Éimaischen an de Stroosse vun der Alstad. Wat gëtt et dann elo Neits beim Comité Alstad? Fir d'Éimaischen vun dësem Joer natiirlech erëm e schéine Péckvillchen, an e klenge Plateau mam Motiv „D'Haus Ënnert de Steiler".

Wéi Dir wësst, hu mir dat lescht Joer mat enger Ausstellung un d'Grande-Duchesse Charlotte erënnert. Fir d'éischt hei an der Alstad, dono huet d'Ausstellung de Wee ugetrueden, fir och nach a 14 anere Gemenge vum Lëtzebuerger Land Statioun ze man. Mam Luxemburger Wort zesummen hu mir elo e schéine Fotosband als Erënnerungsband un d'Ausstellung réaliséiert, deen ee fir d'éischt op der Éimaische kritt. Dëse Fotosband iwwert déi beléifte Grouss Dame dierf a kenger gudder Bibliothéik felen.

Fir Samschdës de 25. Juni invitéieren ech Iech elo schonn op onsen Aulebäcker- a Konschtmaart an der Alstad. Nei ass dëst Joer, datt et nët nëmmen en Aulebäckermaart as, mee och e Konschtmaart, wou Kënschtler hir Konscht ausstellen, awer och op der Plaz hir Konscht démonstréieren. Fir Animatioun ass och gesuergt, esou zum Beispill kann een nomëttes mat der Päerdskutsch en Tour duerch d'Alstad man.

Fir d'Feierdeeg vum Joeresenn bidde mer Iech e Stadplang un, dee fir d'éischt am Joer 1769 publizéiert gouf.

Intern hu mer nach esou muenches ze schaffen, wéi onse Fotosarchiv weider auszebauen an dann natiirlech d'Préparatiounen fir de 75. Anniversaire vum Comité Alstad am Joer 2012.

Meng Frënn aus dem Comité Alstad an ech wënschen Iech ganz schéin Ouschteren, a, wee weess, vläicht begéine mer ons op der 184. Éimaischen um Fëschmaart.

.

Jean-Mathias GOERENS
*President*

## OPRUFF

### Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.


De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**Comité Alstad och elo op facebook.**

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

## D'HAUS ËNNERT DE STEILER



D'Haus N° 2 an der Logegaass kann ee roueg als Pronkstéck bezeechnen. Et handelt sech hei ëm d'Haus „Ënnert de Steiler". D'Haus ass wahrscheinlech dat eelst an der Stad an huet am X. Joerhonnert als Gemengenhaus gedéngt. Et ass en Haus am spéitgotesche Stil, déi Renaissancevirhaal ass aus der franséischer Zäit. Am Haus selwer haten d'Franzousen eng Wuecht ageriicht. Intressant sinn och déi gotesch Mauerwierker iwwert de Fënsteren um éischte Stack. Um Eck an der Fassade ass eng schéi spéitgotesch Niche mat enger Selbdrittgrupp. Säit 1824 ass d'Haus eng Wiertschaft, an de bekannste Wiert, aus neierer Zäit, war de Goldschmit's Jang. Ernimme mer awer och, datt de Jean Schalop, Scheffe vun der Stad Lëtzebuerg, am Joer 1443, hei virum Haus den Heldendoud gestuerwen ass, wéi d'Burgunder d'Stad ageholl hunn.

D'Haus Ënnert de Steiler ass och de Motiv op engem klenge quadrateschen Teller (16 x 16 cm) dee mir Iech am Kader vun onsen Editiounen fir d'Éimaischen ubidden. D'Zeechnung ass vun onsem Member a Kënschtler Serge Di Paoli. Hiergestallt gouf dëse klengen Teller an der Keramikfabrik zu Esch. Benotze kann een den Teller zum Beispill als Vide-poche oder fir sengem Besuch e puer gutt Knippercher z'offréieren oder ganz einfach als Dekoratioun. Si dir op der Sich no engem typesch Lëtzebuerger Kado? Da wier dat hei eng gudd Iddi.

Bestelle kann een de klengen Teller bis den 20. Abrëll 2011 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun **20 € pro Stéck** op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **Fortis Bank :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelten Tellerchen Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais).

Wien net op d'Éimaischen ka kommen, huet Meiglechkét säin Tellerchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 26. Abrëll bis den 20. Mee 2011 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass op, all Dag vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer, ausser Méindes.

## PÉCKVILLCHEN 2011

Hei as dee 5. Péckvillche vum Comité Alstad. Och dëst Joer ass den Entworf vun onsem Member Serge Di Paoli an e gëtt an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht réaliséiert .

Bestelle kann een de Péckvillchen vun elo u bis den 20. Abrëll 2011 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun **20 € pro Stéck** op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **Fortis Bank :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

(mam Vermierk: Pëckvillchen 2011)

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais).

Wien net op d'Éimaischen ka kommen, huet Méiglechkét, säi Péckvillchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 26. Abrëll bis den 20. Mee 2011 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer, ausser Méindes, op.



Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2011 just an enger klenger Oplo vun 150 Stéck gemaach gouf, numeréiert a mat signéiertem Zertfikat vum Artiste. Vill Freed mam Péckvillchen 2011.

# ERËNNERUNGSBAND UN D'AUSSTELLUNG GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE (1896-1985)



Foto: Jean Weyrich / Archives Luxemburger Wort

Fir de 25. Doudesdag vun onser onvergiesslecher Grande-Duchesse Charlotte hat de Comité Alstad an Zesummenaarbecht mam Luxemburger Wort dat lescht Jor eng Ausstellung organiséiert, déi un dës Grande-Dame erënnert huet. D'Ausstellung gouf an der Stad am Konschthaus Beim Engel gewisen, an duerno huet se de Wee a verschidde Gemenge vum Lëtzebuerger Land ugetrueden.

Dës Joer fir Ouschteren kënnt e schéine Fotosband iwwert d'Ausstellung eraus. An deem Fotosband fann dir d'Fotoë vun der Ausstellung aus der Stad, mee och d'Fotoë vun deene verschiddenen Uertschaften, wou d'Ausstellung ze gesi wor.

De Fotosband „Grande-Duchesse Charlotte (1896-1985)" kascht **19 €**.

Bestelle kann een de Fotosband vun elo u bis den 20. Abrëll 2011 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun **19 €**. (Fir 2 € méi schécke mir iech äre Fotosband « Grande-Duchesse Charlotte » um Postwee heem) op ee vun onse Konten


| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **Fortis Bank :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

(mam Vermierk: Fotosband Grande-Duchesse Charlotte)

Äre bestallten oder reservéierte Fotosband kënn Dir op der Fëschmaarter Éimaischen um Stand vum Comité Alstad ewechhuelen.

Wie säi Fotosband scho réservéiert huet, brauch en elo net nach extra ze bestellen.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Duerchbliederen vun dësem Fotosband iwwert eng onvergiesslech Grande Dame.











# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (8)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH



Collection Comité Alstad

Nach e puer Wuert iwwert d'Märt op der Fëschmaarterplaz. – Muencher ee vun iech mengt bestëmmt, um Fëschmaart wiere Fësch verkaf ginn, an doduerch hätt d'Plaz hiren Num kritt. Mee dat ass déi jengst Bezeechnung. Am Ufank wor et eng kleng Plaz virun der Méchelskierch, déi Maart genannt gouf. Nom Bau vun der Nikloskierch gouf d'Plaz virun der Méchelskierch nach laang Maart genannt. Esou z.B. an engem Dokument vun 1296. An engem aneren Dokument vun 1294 geet Rieds vun engem Haus um Maart zu Lëtzebuerg. 1408 gëtt d'Plaz virun der Méchelskierch „Ale Maart" genannt, an de Maart virun der Nikloskierch „Neie Maart". Op esou engem Maart ass wahrscheinlech alles ugebuede ginn, wat een op engem Wochemaart ze kafe krut. D'Händler sinn awer léiwer op den Neie Maart gezunn, well do am Quartier hu sech ëmmer méi räich Leit niddergelooss. An esou koum et, datt den ale Maart sech op Kéis spezialiséiert huet. Dohir de Numm Kéismaart. No engem städtesche Reglement hunn am Fall vun engem Feier d'Bierger sech misse mat de Riichter um Kéismaart afannnen, well do d'Eemeren, d'Leederen an d'Haken versuergt goufen. An engem Dokument vum 5. September 1577 geet esou guer Rieds vun engem Véimaart. Fir d'éischt fënd een den Numm Kéis-oder Fëschmaart an engem Dokument vum 1. Mee 1692. Elo ass zwar unzehuelen, datt fréier do Fësch verkaf gouf, a wéi niewent dem Kéis ëmmer méi a méi Fësch verkaf gouf, wor et nëmme méi de Fëschmaart. Wéi d'Gebai vum Provinzialrot ofgerappt wor, an eng fräi Plaz entstan ass, huet d'Stad 1769 décidéiert, hei e Karmaart ofzehalen. Den Numm ass awer nët geännert ginn, well 1795 heescht d'Plaz nach ëmmer Fëschmaart. An enger Veruerdnung vum 17. Abrëll 1797 ass festgehal, datt d'Fëschhändler an d'Holzhändler missten um Fëschmaart bleiwen. 1801 gëtt d'Plaz eng kuerz Zäit esouguer Fësch- a Schwéngsmaart genannt. Nodem 1834 um heitege Knuedler d'Kierch an d'Klouschter ofgerappt gi woren, huet de Maart do seng Plaz fond, awer de Fëschmaart ass bliwwe fir Fësch, Fräschen, Kriibsen, Hee a Streibëndelen ze verkafen.


Fir mat der Fëschmaarterplaz ofzeschléissen, daerf een net vergiessen, datt hei säit dem Joer 1827 all Joer op Ouschterméindeg déi traditionell Éimaischen ass. Méi doriwwer an onser Chronik.

Elo gëtt et Zäit, datt mer op onsem Trëppeltour weider kommen. Op der lénker Säit steht d'Gebai vun der fréierer Jousephsklinik. Iwwert der Haaptentrée gesi mer de Wope vun der Familje von Feller. De frësch geadelten Dominik von Feller huet dëse Wopen am Joer 1750 ameessele gelooss. No jorelaange Renovatiounsaarbechten sinn elo hei Wunnengen an e puer Geschäfter entstan.

Op däer anerer Säit vun der Strooss läit dat fréiert Dominikanerklouschter an niewendrun d'Méchelskierch, och nach Dominikanerkierch genannt.

Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den Alstadnews 12

**Quell:** Die Altstadt Luxemburg, Tony Kellen, 1939




**Jetzt im Buchhandel!**

60 Seiten, 14,8 × 21 cm, broschiert
ISBN 978-287963-798-3

éditions SAINT PAUL

9,50 €




**Chronik der Clinique St-François**
**1860–1980**

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto von **Saint-Paul Luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000**, unter Angabe des Titels.

Auch erhältlich unter www.editions.lu